N°2394
Entrée le 02.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.06.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 2. Juni 2025**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Äech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

D'Sécherheet an d'Wuel vun eise Kanner a Jugendlecher an der Gesellschaft stinn am Mëttelpunkt vun der Verantwortung vun de staatlechen an zivilgesellschaftlechen Acteur·rice vun eiser Demokratie. Déi rezent Affär ëm d'Verurteelung vun enger Persoun, déi an diversen Associatiounen am Kulturberäich engagéiert wuar, huet d'ëffentlech Meenung iwwer déi potenziell Schwächten a Kontrollmechanismen alarméiert, déi an Organisatioune bestinn, déi mat Mannerjäregen a Kontakt kommen.
Organisatiounen aus dem Beräich vum Sport, der Kultur, der Fräizäitgestaltung a sozialen Déngschter hunn eng speziell Verantwortung fir eng sécher Ëmwelt fir Kanner a Jugendlecher ze garantéieren. Et däerf net geschéien, dass Persounen, déi Gewalt, besonnesch haislech Gewalt oder sexualiséiert Delikter géint Mannerjäreger uwenden, an Entscheedungs- oder Verantwortungsposte kommen, an domat direkten oder indirekten Afloss op d'Liewensrealitéite vu Kanner a Jugendlecher hunn.

An deem Kontext géif ech gäre follgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Wéi vill Fäll vu presuméierter sexueller Gewalt géint Mannerjäreger goufen an de leschten zéng Joer zu Lëtzebuerg ouni weider juristesch Suite klasséiert? Wat wuaren d'Haaptgrënn fir dës Entscheedungen?
- Wat geschitt an deem uewegenannte Fall mat der Mamm vum Kand? Gëtt déi och nach belaangt a verurteelt?
- Wéi gesäit d'Roll vum SCAS an esou Affären aus? Wéi ass d'Personal forméiert fir standardiséiert Tester duerchzeféiere fir de Risiko fir Mannerjäreger richteg kënnen anzeschätzen?
- Wéi vill obligatoresch (Wieder)Bildungsstonne kréien d'Magistraten a Procureuren a Bezuch op Pedokrimineller, hir Virgoensweis an den Impakt op d'Affer?
- Sinn déi aktuell Kontroll- a Sécherheetsprozedure ronderëm de Recrutement vu Leit a Verwaltungsréit, déi mat Mannerjäregen ze dinn hunn, nach adequat oder mussen se eventuell verschäerft ginn?
- Ass virgesinn, dass all Organisatioun, déi mat Kanner oder Jugendleche schafft, e Kannerschutzkonzept muss aféieren?

Här President, ech bieden Äech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

**Nathalie Morgenthaler**
**Deputéiert**